

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnungsbauminister weiderzeleeden:

„D’Loune vu Bauterrainen, op deene modular Konstruktione fir eng bestëmmten Zäit opgeriicht ginn, ass eng villverspriechend Pist, fir séier zousätzleche Wunnraum ze schafen. Besonnesch Baulücken géife sech heifir gutt eegenen.

Grad fir Proprietären, déi hire Bauterrain fir hir Nokommen wëllen halen, wier dëst eng intressant Méiglechkeet, während z.B. 10, 15 Joer hiren Terrain zur Verfügung ze stellen. Allerdéngs ass an deem Kader ze präziséieren, dass de legale Kader aktuell eng Minimaldauer vu 50 Joer fir de Bail emphyotique op Wunngebaier virschreift.

Den aktuelle Koalitiounsaccord gesäit deemno och folgendes vir: „La possibilité de la location temporaire de terrains à bâtir en friche sera analysée.“

An deem Kader wollt ech dem Här Wunnungsbauminister folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Baulücke ginn et zu Lëtzebuerg?*
- *Wéi wäit ass de Ministère mat der am Koalitiounsaccord annoncierter Analys? Wéi gedenkt den Här Minister dëse Modell (modular Bauten op gelountem Terrain) méi staark an Zukunft ze fërderen?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Kéinten déi ëffentlech Promoteuren, wéi de Fonds du logement an d'SNHBM, dëse Modell haut schonn ëmsetzen?*
- *Wa jo, gëtt dat gemaach? Kann den Här Minister Präzisioune dozou ginn? Wat wieren d'Grënn, sech géint dëse Modell z'entscheeden?*
- *Wann net, ass virgesinn, de gesetzleche Kader an déi Richtung unzepassen?*
- *Kéinten d'Gemengen dëse Modell haut schonn uwenden? Ass den Här Minister au courant vun deementspriechende Projeten?*
- *Ass virgesinn, d'Gemengen méi staark iwwer dëse Modell ze sensibiliséieren? Ass an deem Kader geplangt, de Gemengen en document-type fir d'Bauterreglement an deem Sënn unzepassen zur Verfügung ze stellen?*
- *Gesäit den Här Minister vir, d'Minimaldauer vum bail emphytéotique rofzesetzen, fir d'Verloune vun Terrainen op 10, 15 Joer z'erméiglechen?“*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten